Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Januar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Wéi rezent a verschiddene Presseartikelen ze liese war ass de Prozentsaz u Leit déi duerch de Fürerschäinsexame falen an de leschte Jore staark an d'Luucht gaangen. Als Ursaache ginn notamment en allgemenge Réckgang vun de motoresche Fäegkeete bei jonke Leit an déi ze niddreg Zuel un obligatoresche Fuerstonne genannt.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi sech d'Zuele vu Leit, déi den Exame fir de Fürerschäin eng oder puer Kéieren hu misse widderhuele wärend de Joren 2013 bis 2022 entwéckelt huet? Kann den Här Minister an deem Zesummenhang preziséieren, ob a wéi wäit d'Krittäre vum Exame wärend dësem Zäitraum geännert an/oder verschäerft goufen?
2) Kann den Här Minister elaboréieren, wéi hien d'Ausso vun de Fahrlehrer bewäert, datt déi motoresch Fäegkeete vun de Fuerschüler allgemeng ofhuelen? Kann den Här Minister matdeelen, ob zu dësem Phenomen schonn eng allgemeng Ursaachenanalyse virgeholl ginn ass oder nach amgaangen ass a preziséieren, wéi wäit dobäi och mat de pedagogeschen Institutiounen zesummegeschafft gëtt? Kann den Här Minister gegeebenenfalls elaboréieren, ewéi eng Erkenntnesser zeréckbehale goufen?
3) D'Entwécklung zu Lëtzebuerg stellt keen isoléierte Phenomen duer, mee gouf och schonn an Däitschland festgestallt. Hei gëtt ënner anerem en Zesummenhang mat dem Opkommes vum Handy an engem Réckgang vun der Konzentratioun vu jonke Leit ugeholl. Kann den Här Minister am Sënn vun der Fro virdru matdeelen, ob dës Feststellung och fir Lëtzebuerg berécksiichtegt gëtt?
4) Duerch d'COVID-Situatioun bestoung an de Fuerstonne wärend de Joren 2020-2021, zum Deel och 2022 eng gesetzlech Maskeflicht. Ass virgesinn, fir d'Auswierkunge vun deem doduerch verursaachte Sauerstoffmangel op d'Konzentratioun vun de Fahrschüler spezifesch ze ënnersichen?
5) Zousätzlech Fuerstonne bedeiten natierlech och eng zousätzlech finanziell Belaaschtung. Kann den Här Minister sech virstellen, zukünfteg de reduzéierten TVA's-Saz vun dräi Prozent och op praktesch Fuerstonnen ze applizéieren? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten